Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boîte Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le 13.4.92.

Zirklär

un all Sectiounen.

De Nationalkongress vun der Associatioun E.F.V.N. as de 9 Mai92 um 14.00 Auer zu Remeleng am Centre Culturel, Grousssstrooss.
E stéit ënner dem Motto" 30 AUGUST 1942- 50 JOER ENROLE DE FORCE."
D'Komerode vun der Sectioun Remeleng hun d'Organisatioun iwerholl.
Wât d'Zuel vun äre Kongressdelegéiert ugeet, verweise mir op déi entspriechend Directiv am Bulletin "Les Sacrifiés", Nr.1. 1984. Säit 8.
Den Zentralcomité riicht en Appell un iech, äre Sectiounsfändel matzebrengen, fir am Cortège a bei der Gedenkzeremonie beim Square "Eis Jongen", derbäi ze sin.
Am Zentralcomité sin 3 Mandater fräi a mussen nei besât gin. (Art.15 vun de Statuten). Stellt w.e.g. är Kandidature schrëftlech bis den 1.Mai 92. (Art.19 vun de Statuten).
Wann är Sectioun wëlles huet um Kongress eng oder méi Motiounen ze présentéieren, mussen dës onbedengt 8 Deeg virum 9.Mai 1992 dem Zentralcomité viirleien, Gëtt dësen Délai nët respektéiert, kënnen d'Motiounen nët um Ordre du Jour vum Kongress figuréieren.
D'Réussite vum Kongress hängt zu engem groussen Deel vun de Sectiounscomitésmemberen a vun de Sectiounsdelegéierten of.
Haut wéi an der Vergângenhét, därfen Zesummenhâlen an Zesummestôen, grad wéi Frëndschaft a Solidaritéit am Krees vun den Enrôlées de Force, dennen hire Frënn a Gönner, keng eidel Wierder sin.
Et war zu allen Zeiten ongeheier wichteg an et bleiwt et och an Zukunft, datt déi Leit am Land, déi op eis kucken, gesin, datt mir eis verstinn an eis mat alle Mënsche verdrôe wëllen, wéi an de vergângene 5o Jôer.
EIS SACRIFIEERT GENERATIOUN ASS A MUSS E Ganzt bleiwen!!!!!!!!
Mir hâlen d'Erënnerung un déi sëllegen Doudeg vun dëser Generatioun waach an hëllefen een deem aneren, egal wéi a wou och ëmmer.
Déi bescht komerodschaftlech Gréiss soën iech d'Komerode vum

Zentralcomité.

Association des Enrôlés de Force | Victimes du Nazisme
A. S. B. L. | C.C.P. 31324-90

Luxembourg/Hollerich
5, rue de la Déportation
Boîte Postale 2415
L-1024 Luxembourg

Luxembourg, le

# NATIONALKONGRESS

vun den

Enrôlés de Force-Victimes du Nazisme
am Centre Culturel zu Rëmëléng
**Samsdeg den 9.Mai 1992.**

**P r o g r a m m**

14.00 Auer :Rendez-vous beim Square "Eis Jongen"(kuckt de Plang am nächste Sacrifié.)

14.15 Auer : Cérémonie beim Square,uschléissend Cortège bis an de Centre Culturel.

14.45 Auer Ufank vum Kongress.

1. De President vum Büro gët den Départ vum Kongress.
2. Begréissung vun den Invitéierten an den Delegéierten vum Kongress duerch de President vun der Sektioun Rëmëléng.
3. Begréissung vum Nationalpresident.
4. Rapport iwer d'Aktivitéiten vun 1991.
5. Rapport a Bilan vun der Caisse.
6. Rapport vun de Caisserevisoren.
7. Bestëmmung oder Wiel vun de Caisserevsoren fir 1993.
8. Propositiounen a Bestëmmung vun der Uertschaft,wou 1993 de Kongress ofgehale gët.
9. Komplementarwahlen fiir den Zentralcomité, et sin ze besetzen 3 vakant Mandater.
10. Referat vum Nationalpresident.
11. Discussioun.
12. D'läscht Wuert vum Nationalpresident.

Eng halleef Stonn Paus fiir sech ze erfrëschen.

18.00 Auer: Eirewäin am Centre Culturel,offréiert vun der Gemeng.

Begréissung vum Rëmlënger Buergermäächter.
Auszäächnung vu verdingschtvolle Mëmberen mam Ruban en or resp. mam Ruban en argent.

KOMERODSCHAFT-SOLIDARITEIT-ENEGKET;